ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister an un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

De Stroosseverkéier ass duerch d'Corona-Auswierkungen zum Deel paralyséiert. An Däitschland huet déi Situatioun zu engem Hannerfroe vun de Schuedstoff-Miessunge gefouert, well zum Beispill de Stéckstoffundeel, fir deen den Diesel als Haaptverantwortleche stigmatiséiert gouf, op ville Plaze kaum gefall ass, obwuel vill manner Autoe verkéieren. Dat huet Froen opgeworf, ob Fuerverbueter fir Diesel (wéi zum Beispill am Raum Stuttgart) wierklech ze rechtfäerdege sinn, mee och zur Methodik, wéi Schuedstoffer erfaasst ginn an hiren Ursprong festgeluecht gëtt (Focus vum 13. Abrëll). Zu deenen zwee Froekomplexer hätt ech mat Bezuch op Lëtzebuerg dës Froen un eis Regierung:

1. Ginn d'Resultater vun de Lëtzebuerger Miessstatiounen an déi nämmlecht Richtung, wéi déi an Däitschland, dat heescht wéineg Schwankunge bei den Emissiounen, déi dem Abroch beim Verkéier géingen entspriechen?
2. Wat sinn d'Standuerter vun de Lëtzebuerger Statiounen? Droe si deene Klimaphenomener Rechnung, déi elo an Däitschland erkannt gi sinn, an déi eng Miessung vum Stéckstoff esou schwéier maachen?
3. Wéi wäit sinn d'Lëtzebuerger Iwwerleeungen, de Klimaafloss vum Stéckstoff, dee sech gär sammelt a fléisst (wéi eng Baach oder e Séi), deen da vum Wand op Plaze geschwemmt gëtt, wou et zu enger iwwerhéijer Konzentratioun kënnt, wéi Fuerscher an Däitschland festgestallt hunn, a vun Heizungsemissiounen, dee scheinbar zu Laaschte vum Diesel ënnerschat ginn ass, nei ze bewäerten?
4. Berécksiichtegen d'Lëtzebuerger Miessunge Phenomener, déi zu falsche Miessungsresultater féieren, an ass also séchergestallt, datt net do gemooss gëtt, wou d'Klima (Wand an Temperatur) fir iwwerhéich Konzentratioune suergen?
5. Ass d'Regierung bereet, hir negativ Aschätzung vum Dieselmotor op Grond vun dësen Erkenntnesser aus Däitschland zeréckzehuelen a sech fir seng Rehabilitatioun anzesetzen?

6. Ass d'Regierung bereet, op europäeschem Niveau dofir anzetrieden, d'Norme fir Dieselmotoren net weider ze verschäerfen, well den aktuelle Stand seng Effikassitéit weist?
7. Ass et bei dësem Stand vun den Erkenntnesser ausgeschloss, datt Lëtzebuerg lokal Verbueter fir Euro-4- an Euro-5-Dieselautoen a Kraaft géing setzen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten